

Lies
a
fléi

2





Guy Rewenig

Op der Autobunnsraschtplaz

Wéi dem Kim seng Eltere schonn dausend Kilometer mam Auto gefuer sinn, seet dem Kim seng Mamm op eemol: „Ech mengen, ech hunn d’Kaffismaschinn net ausgemaach!“


„Da bleift s’elo eben un!“, baupst dem Kim säi Papp.

„Et ass kee Mënsch am Haus“, seet dem Kim seng Mamm.

„D’Maschinn brennt a brennt! Deeglaang! Nuechtelaang! Wochelaang!“

„Da kréie mer eben e bësse méi eng héich Stromrechnung“, seet dem Kim säi Papp. „Wat ass dann? Ech fueren awer elo keng dausend Kilometer zréck, nëmme well s du d’Kaffismaschinn ugelooss hues!“

„Dat ka Feier ginn“, seet dem Kim seng Mamm. „Déi ganz Maschinn gëtt no an no sou gliddeg, datt se schmëlzt. Oder si explodéiert, well se déi uerg Hëtzt net méi packt.“

An illustration of a park scene. On the left, a large evergreen tree with dark green needles and a brown trunk stands prominently. Two birds are perched on a branch: a black bird with a white patch on its chest and a brown bird. Below the tree, a wooden bench sits on a path. A small metal bucket is on the ground near the bench. The path leads towards a large, reddish-orange circular area in the foreground. The background is a soft, light green and yellowish wash.

Auguste Liesch

Am Park

E Poufank an e Mëschemännchen
sinn an dem Park op enger Dänn
mat enger décker, schwaarzer Märel
erëmggesprong, et gouf keen Enn.

Eng Freed, en Zodi sonnergläichen,
– Eng Stënnche vrun dem Schlofegoen –
a wor ee roueg, huet deen aanren
nach huerteg eppes misse soen.

Se hu geschwat vun hire Reesen,
a wat se alles do gesinn,
bis datt eng Stëmm vun ënne grommelt:
„ ‘t ass Zäit, dass d’Kanner schlofe ginn.“

Se kucken allendräi verwonnert:
Et war eng Bänk, déi ënne stoung,
an, trotz der neier, grénger Faarf,
entschiede schonn an d’Jore goug.

„Wat heescht dat?“, rífft de Mëschemännchen,
„Wat wëllt déi Tulipant do nees?“
An d’Märel sot: „S’ass sécher rosen,
dass si näischt ze verziele weess;

Mir hunn ons ëmgessin, mir aner,
mir hu gelieft a Saus a Braus,
mir sinn duerch d’hallef Welt gewandert,
si koum net aus dem Park eraus.“

Du goug en Dauschen durech d’Blieder,
(Et kléngt wéi Spott an iewel léif):
„Neen“, seet d’al Bänk, „ ‘t ass fir ze laachen,
Dir Kanner, wann ech schwätze géif!“




Guy Rewenig

Verknallt

Mäi Kapp ass e Beiestack.
Do fléie bal all Ablack
d'Gedanken hin an hier
a vun hannen no vir,
dann nees op an of.
Dat hëlt mer de Schlof.

Ech hu meng Gedanke mol nogezielt.
Et sinn der 123 645.
Dunn hunn ech ee Gedanken ausgewielt.
Dee léisst mech net lass.
Well en esou einfach a komplizéiert ass.
En heescht einfach:
DU.
Ganz komplizéiert:
DU.

E kënnt ëmmer erëm.
't gëtt ëmmer méi schlëmm.
Kanns du och DU denken?
Da looss mech net hänken.



Jos Keup

Den alen Äppelner

De Monni Battes koom mat Aaxt a See;
Den alen Äppelner, dee misst verschwannen!
„En hëlt eis d’Sonn ewech; en ass am Wee;
Keng Dosen Äppel wor zejoert ze fannen.“

De Monni krempelt d’Hiem erop därbaanst;
„Wéi al en ass, ech weess mech net z’entsannen;
E gouf vum Pätter, ... neen, vum Éim geplanz.“
En hieft seng Aaxt; ... e ka sech net begannen.

En trëppelt ronderëm de groe Bam;
Do fënnt en an der Schuel, am Moos, en Zeechen.
En hat et kees erbléckst; ... ewéi en Dram
Gesäit en Hänn, déi aus de Griewer reechen:

En Häerz, ... en M, ... en N ...; den Éim an d’Gued!
Si haten hei hir Léift an d’Schuel geschnëppelt ...
„E bleift mer ston! ... A méich e Schiet a Schued ...
An dréich en näischt ... an ass en och verkrëppelt.“



Pol Pütz

Fréijoer

Et ass e schéine Fréijoersdag,
d’Natur kënnt lues a lues an d’Bléi,
a ganz donidde bei der Baach,
do liicht eng Schléiwenheck wéi Schnéi.

Eng Këppelche geet hire Pad,
déi zwee, déi hunn sech bei der Hand,
am Park sinn d’Bänken all besat,
an d’Kanner spillen nees am Sand.

Et ass e richtege Fréijoersdag,
e Fréijoer, wéi et eis gefällt.
De Radio, dee verschäisst dann d’Saach,
hien huet fir muer nees Schnéi gemellt.



Michel Lentz

D'Margréitche

† ass Fréijoer, an d'Vullen, déi sinn rëm erwaacht,
an d'Margréitche huet sech eraus och gemaacht.
Si huet d'wäiss Kollrettchen rëm frësch ugedon,
soubal si de Poufank gehéiert huet schlön.

A gréng ginn och d'Wise laanscht d'Weeën an d'Pied,
d'Vioule verstoppe sech heemlech am Schiet;
d'Beem kréien nei Blieder, den Nuechtegall schléit,
de Wand séngt duerch d'Bëscher, wou d'Meeréische bléit.

An d'Sonn, déi rífft Blumen, schnéiwäiss, rout a blo,
wéi Stärn um Himmel, sou vill sinn der do;
si rëschten a botze mat Faarwe sech räich,
a blénken a blétzen duerch Heck a Gesträich.

Dach vun all de Blumen am Gaart an um Feld
ass d'Margréitche, déi mir am beschte gefält;
et si wuel méi prächtig, méi schéi wuel déi meescht..
ma ech hunn eng Freiesch, déi Margréitche heescht.



Michel Rodange

De Renert

Éischte Gesank

Et war esou ëm d'Päischten,
't stung alles an der Bléi,
an d'Villercher, di songen
hir Lidder spéit a fréi.

Du rífft de Léiw, de Kinnek,
all Déier op e Fest
am Gréngewald zesummen,
an 't koumen all seng Best.

Di Räch als wéi di Arem,
den Hirsch an d'Päerd an d'Réi,
se waren all geruff ginn,
a Mitock, Mësch a Kréi.

Se koumen all mat Träppen,
't gesouch ee bal keen Enn,
zu Fouss an op de Fliichten,
mat Schniewlen a mat Zänn.

A wann och kee géif feelen,
dat wier dem Kinnek léif:
Wien hätt geduecht, datt Renert,
de Fuuss, ewech do bléif?

Deen hat e béist Gewëssen,
dat scheid den hellen Dag,
ze go bei all di Hären,
dat war net senger Saach.

En hat sech s'all gelueden,
e musst et selwer son:
Dem Dachs blouss, sengem Nëwwi,
deem hat en näischt gedon.

De Kinnek hat verbueden
den Déier, grouss a kleng,
all Stielen a Bedréien,
an d'Doutschléi eeschtlech streng.

Josy Braun

Mir hu gutt schwätzen

Mir kënnen äis schéi bretzen,
mir léiren alles schwätzen.
Mat Däitsch kënt ee bis op Berlin,
a wann et muss sinn, bis op Wien!
Mä nëmme Däitsch, dat geet net duer,
da wier een zu Paräis verluer.
Zu London wier een och deen Dommen,
ganz ouni Englesch unzekommen!
Vill Kanner hei, déi schwätze schonn,
wéi déi grouss Leit zu Lissabon!

Mir kënnen äis schéi bretzen,
well mir och eis Sprooch schwätzen.
Eis Lëtzebuerger Sprooch ass kleng.
't si Leit, déi fannen dat gemeng,
well soll kee Friemen äis verston,
da brauche mir just hinzegon
a fräi an haart an ongenéiert
ze schwätzen, wéi äis d'Mamm geléiert.
Mä opgepasst, 't versteet ee schonn
eis Sprooch bis hanner Lissabon!



Dicks

Uewen an ënnen

E Witmann wunnt ënnen
An handelt mat Uewen;
Eng Witfra wunnt uewen
An handelt mat Ënnen.

Der Fra mat den Ënnen
Gouf d'Zäit laang do uewen;
Dem Mann mat den Uewen
Gouf d'Zäit laang do ënnen.

Hätt si dach do ënnen
Dee Mann mat den Uewen!
Hätt hien dach do uewen,
Déi Fra mat den Ënnen!

Wéi soll deen do ënnen
Ukommen do uewen?
Wéi soll deen do uewen
Ukommen do ënnen?



Du duecht d'Fra, géi ënnen
A kaf der en Uewen;
De Mann duecht géi uewen
An handel der Ënnen.

Eng Trap gong vun ënnen,
Enk däischer duer uewen.
Drop koum si vun uewen,
An hie koum vun ënnen.

Du stéisst dee vun ënnen
Sech un d'Fra vun uewen:
Bonzënebonzuewen
Du louche si ënnen.

„Zesuemen hält ënnen
Dach ëmmer mat uewen!
Dat wollt Gott do uewen!“
Riff d'Fra mat den Ënnen.

Haut handle se ënnen,
Haut handle se uewen,
Mat Ënnen an Uewen,
An Uewen an Ënnen.





Guy Rewenig

Bicherwiermercher

Zwee Bicherwiermercher, déi krauchen
déif an e Buch, well wat si brauchen,
dat ass en décke Pak Pobeier:
den Honger plot si ongeheier!
A mengt lo nëmmen net, datt si vergiessen,
e Wuert,
eng Zeil,
eng Säit vum Buch ze friessen.

Et ass e Buch mat ville Biller,
Geschichten, Reimer, Spréch a Spiller.
Et ass am Buch sou vill ze kucken,
datt d'Wiermercher geschwënn do hucken
an da vum ville Liese ganz vergiessen,
e Wuert,
eng Zeil,
eng Säit vum Buch ze friessen!



„Ma géi dach an den Zirkus mat dengen Déieren!“, sot de Bopi.

Du ass de Monni Mulles eng Kéier op den Hänn ronderëm den Dësch gaang.

„Mulles“, sot d’Bomi, „du sténks erëm no Päerdsstall! Kanns du net maache wéi déi aner Leit an dech um Sonndeg och sonndes undoen? Du bass dach awer wierklech kee gutt Beispill fir dee Klengen!“

Den Dani huet dat guer net esou gesi wéi d’Bomi; him huet de Monni Mulles gefall, sou wéi en do war. D’Bomi war an deene Saachen e bësse streng, an heiansdo huet den Dani, obwuel hien si gutt konnt leiden, sech eng aner Bomi gewënscht.

Vläicht eng wéi dem Alix seng, déi Saxophon gespillt huet a Motorrad gefuer ass. Mee d’Bomi mam Saxophon um Motorrad wär sécher nach méi schlëmm bekuckt gi wéi lo de Monni Mulles mam Muppes a mam Mokko. De Mokko souz op senger Staang, huet nogelauschtert wat geschwat gouf a vun Zäit zu Zäit dertëscht gebraddelt.

„Ech drénken nach e klenge Mokka“, sot d’Tatta Kättchen.

„Mokko“, sot de Mokko.

„Mulles, däi Mokko ass e richtege Knaschtert“, sot de Bopi, „hie frësst déi Kakuetten do a späizt d’Schuelen einfach op de Buedem!“

„Knaschtert“, sot de Mokko.

Roger Manderscheid

Geet de Chrëscht an de Kolléisch?

Papp: Iwwregens Chrëscht, de Schoulmeeschter war haut de Muere bei mir an der Wierkstat. E mengt, mir sollten dee Klengen an d'Stad an d'Schoul dongen.

Zëss: An d'Stad an d'Schoul? An de Kolléisch?

Papp: E géing esou gutt léieren, datt et Schued wier, wann en net kënnt stodéieren.

Zëss: Stodéieren? A wien huet da scho jee bei äis an der Famillje stodéiert?

Mamm: Ma den Henri zum Beispill.

Zëss: Waart mol of, deen huet just ugefaangen.

Mamm: Géff em eng Chance, Zëssil.

Zëss: Lo ass de Krich just eriwwer, elo, wou all Mënsch soll eng Hand upaken, datt et mol nees e Stéck gëtt, lo soll dee Klengen och nach an d'Stad an de Kolléisch geschéckt ginn, stodéieren? Dréck him den Huwwel an de Grapp. Dat ass besser. De Schoulmeeschter huet gutt téinen. Weess deen net, wat dat kascht? D'Schoulbicher an dann d'Rees hin an hier, all Dag?

Papp: Am Fong geholl: mam Handwierk ass näischt méi lass. Do ass de Wuerm dran. En huet vläicht net Onrecht, de Schoulmeeschter? Wat mengs du dozou, Fissi?


Chrëscht: Nenn mech net ëmmer Fissi.

Papp: Wéisou? Geet dat der net, Männi?

Chrëscht: Ech sinn net däi Männi.

Papp: A wem säin dann? Em Noper säin ieren? Hond vum Su, iess, datt eppes aus der gëtt.

Chrëscht: Wann de Schoulmeeschter mengt?





Mamm: [dréckt him en A zou] Du hues jo nach bal e ganzt Joer Zäit, fir der dat z'iwwerleeën .

Chrëscht: An d'Stad an de Kolléisch? Dat ass vill ze schwéier fir mech. Dat packen ech ni. Do bleiwen ech schonn op der Zettiäm setzen.

Nelly: Da fänk léiwer net un.

Heng: Wann s de sätze bleifs, kanns de nach ëmmer an d'Wierkstat goen an den Huwwel schwenken; de Kolléisch ass sauschwéier.

Papp: An der Wierkstat ass näischt méi lass, hunn ech jo scho gesot, eis Kanner sollen et eng Kéier besser kréien, wéi mir et haten.

Mamm: Si solle sech net méi esou misse kristillege wéi mir. [Kuerz Paus] A wann en da soss näischt méi géing maache wéi Doudelueden? An näischt méi fir d'Bauern? Da géingen deene mol d'Aen opgoen.

Papp: Esou vill Leit stierwe guer net hei an der Géigend, datt e vun den Doudelueden eleng kënt liewen. Hie geet an de Kolléisch an domat basta. Wann ech drun denken, wat de Papp an ech äis hu misse krepéieren an där äiskaler Wierkstat donidden, just fir net z'erhéngeren.

Mamm: Mir hunn dach ni Honger gelidden.

Zëss: Mir hätten och nach missen Honger leiden: mat de Schwäin, de Kéi, den Hénger an de Kanéngercher?

Nelly: Mir sinn zwar net räich ginn, mä aarm Leit si mer och net.

Papp: 't ass deemno, wat een ënner aarm versteet.

Nelly: Jeejeejee. Sou schlecht dru si mer och net.

Papp: Dee Klenge geet an de Kolléisch, fäerdeg.